PHOTO CLUB
GEMENG SUESSEM
Affiliéiet bei der FLPA
Fédération Luxembourgeoise de la Photographie Artistique

Eis Aktivitéiten vum 16 Abrëll 2019 bis 12 Juli 2019

Dënsdeg, den 16 Abrëll um 19:30 Auer an eisem Sall zu Éilereng am Kulturschapp um 1.Stack

WORKSHOP LIGHTPAINTING

Well mir kee Model fonnt hunn fir den Workshop mat blëtzen ob den 2. Rideau mussen mir deen ob méi spéit am Joer verleeën,dofir hunn mir kuerzfristeg eppes Neies ob de Programm geholl, ***Lightpainting***, dir kënnt hei niewendrun eng Foto gesinn vun dëser Technik.

Mèindeg, den 29 Abrëll um 19:30 Auer an eisem Sall zu Éilereng am Kulturschapp um 1.Stack

PHOTO-Talk speziell CONCOURS

Mir wollten dëst Joer mat eisen villen gudden Fotoen mol un deem engen oder aneren Concours deelhuelen, ganz sécher awer um Salon National, dofir denkt drun är Fotoen am jpg mat ze bréngen an se och richteg ze benennen:

also Nummer_Familiennum Virnumm
(zum Beispill 1_Musterman Germain)

Donneschtes, den 9 Mee Sortie photographique ob Völklingen

De 9. Mee 2019 (den neie Feierdag) proposéiere mer eng Sortie photographique op d'Völklinger Hütte fir do e puer flott Stonnen zesummen ze verbréngen a vill flott Fotoen ze schéissen. Ween et verpasst huet sech unzemellen an awer well matgoen muss just den Trajet dohin selwer organiséieren.



Mèindeg, den 27 Mee um 19:30 Auer an eisem Sall zu Éilereng am Kulturschapp um 1.Stack

PHOTO-Talk

Denkt drun är Fotoen am jpg mat ze bréngen an se och richteg ze benennen:
also Nummer_Familiennum Virnumm (zum Beispill 1_Musterman Germain)

Dënsdeg, den 11 Juni um 19:30 Auer an eisem Sall zu Éilereng am Kulturschapp um 1.Stack

Workshop zur Technik vum Calibrage

Detailer zu desem Owend schéckt den Comité per mail am Laaf vum Mee un Memberen

Mèindeg, den 24 Juni um 19:30 Auer an eisem Sall zu Éilereng am Kulturschapp um 1.Stack

PHOTO-Talk

Dir hutt vläicht vum Nationalfeierdag profitéiert fir Fotoen ze maachen vum Freedefeier oder vun der Parade, dësen Owend ass eng gutt Geleeënheet des Biller ze beschwätzen

SAVE THE DATE !!

den 29 an 30 Juni ass
FETE DE LA PHOTOGRAPHIE am Lycée BEL-VAL

www.FdlP.lu

Mettwochs, den 10 Juli Schoulfest zu Bieles

Wei schonn déi lescht 2 Joer ass den PCGS och dëst Joer erëm beim Schoulfest derbäi.
Mir ginn mat de Kanner als Fotoreporter all Atelier besichen an dokumentéieren an probéieren wei déi Joren virdrun och Owes erëm eng kleng Zeitung parat ze hunn iwwert d'Aktiviteiten vum Dag.
Ween nach wëllt matschaffen deen Dag kann sech beim Carmen mellen (691594182)

Freides, den 12 Juli « Start an grouss Vakanz »

Mir starten an grouss Vakanz andeems mir nach zesummen e gemittlechen Owend verbréngen .....sou wei et deene meeschte Lëtzebuerger an och Net-Lëtzebuerger gefält.....bei lessen a Gedrénks, Detailer wou an bis wéini dir iech musst umellen schéckt de Comité iech per mail.
No der grousser Vakanz fänken mir de Programm erëm am September un an hoffen iech do gesond a monter mat villen flotten Fotoen erëm ze gesinn.